QP N°2446

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 26. Juni 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d´Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden

An der gemeinsamer Äntwert vun der Gesondheetsministesch an dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2424 präziséieren Madamm Minister an den Här Minister « *...dass d'Schoulaktivitéiten an Zäite vum Covid-19-Virus zu deenen am mannste problemateschen an eiser Gesellschaft gehéieren. Kanner gi manner oft ugestach vum Virus, si hu manner staark Symptomer a stiechen an der Reegel och manner Leit un. Mat dem aktuelle Wëssensstand kënne mir soen, dass d'Bildungsariichtungen net zu de Clustere gehéieren, iwwert déi de Virus sech an der Gesellschaft verbreed...* »

Laut de rezente Modelléierunge vum « Luxembourg Centre for Systems Biomedicine (LCSB), University of Luxembourg » vum 20. Juni 2020 (https://storage.fnr.lu/index.php/s/otn0mcAvomWMKzB/download) huet d'Opmaache vun der Schoul an den ënnerschiddlechen Zenarien allerdéngs ee signifikanten Afloss op d' Weiderverbreede vum Virus am Verglach zum Nit-Opmaache vun de Schoulen, an och am Verglach zum Schoulbetrib a gedeelte Klassen.

- Op wéi eng wëssenschaftlech Etüde baséiert den Här Minister seng Ausso, dass d'Schoulaktivitéiten an Zäite vum Covid-19-Virus zu deenen am mannste problemateschen an eiser Gesellschaft gehéieren ?

An der Simulatioun zum gemeinsamen Unterrecht an de leschten 2 Schoulwoche gëtt just de Fall vun den ongedeelte Klasse mat "social distancing" analyséiert.

- Vu que datt an de Klassen awer d' Distanz vun 2 m net méi anzehalen ass wann déi ganz Klass erëm beieneen ass, wär et do fir eng Konklusioun ze zéien net noutwendeg gewiescht fir eng Simulatioun "ouni social distancing" berechnen ze loossen?
- Ass sou eng Simulatioun gemaach ginn ? Wa jo, wat sinn d'Resultater ? Wa net firwat ass dëse Modell net berechent ginn ?

D' Etüd weist ebenfalls drop hin, datt duerch ee massiivt Testen d' Verbreedung vum Covid-19-Virus signifikant ka reduzéiert ginn. An der Etüd gëtt vu 50.000 - 100.00 Tester pro Woch geschwat.

- Gesäit Regierung eng gezielt Testaktioun fir d' Schüler, Studenten an Enseignant' en vir, déi elo fir déi 2 lescht Wochen erëm beieneen an der Schoul sinn ?

- Wann neen - firwat net?
- Wann jo – wéini a wéi gëtt des Testaktioun organiséiert a wou kennen sech Schüler, Studenten an Enseignant' en teste loossen ?

Als Konklusioun gëtt an der Etüd festgehalen datt den "social distancing" extrem wichteg ass, fir d' Verbreedung vum Covid-19-Virus ze verhënneren.

- Wéi well den Här Minister dësen "social distancing" an de Schoulen ëmsetzen?

Mat déiwem Respekt,

Martine Hansen
Deputéiert

Le caractère urgent de la question a été reconnu (26.06.2020)

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro Nr. 2446 vun der honorabeler Madame Deputéiert Martine Hansen**

Déi honorabel Deputéiert freet no de wëssenschaftleche Fundamenter vun der Ausso, datt d'Schoul zu deenen am mannste problemateschen Aktivitéiten an eiser Gesellschaft gehéiert.

Dës Ausso baséiert engersäits op den empireschen Donnéëen iwwert d'Ausbreedung vun dem Virus an der Gesellschaft zu Lëtzebuerg, awer och am Ausland, an anerersäits op de wëssenschaftlechen Erkenntnisser iwwert de Rôle vu Kanner a Jugendleche bei der Ausbreedung vum Covid-19, an d'Auswierkungen vum Virus op déi Jonk.

Eng weesentlech Charakteristik vum Covid-19 ass, datt en sech net gläichermoosse vu Persoun zu Persoun iwwerdréit. Wärend déi grouss Majoritéit vun infizéierte Persounen keng weider Persoun infizéieren, stiechen e puer wéineg Persoune ganz vill aner Leit un. Laut rezenten Etuden ginn 80 % vun den Infektiounen op nëmme 1-10 % vun den Infizéierten zeréck *(1)*. Bei der Ausbreedung vun dem Virus spillen dofir laut neisten Erkenntnisser sougenannte "Superspreader" e wichtege Rôle. Dëst si Persounen déi à même sinn vill Leit bäi Evenementer an Aktivitéiten ze infizéieren. D'Fuerschung analyséiert am Moment nach déi genau Ëmstänn, wéi sech de Virus ausbreet. Eng Gemeinsamkeet tëscht Evenementer "à risque" schéngen awer staark Otemaktivitéiten, wéi d'Sangen, haart schwätzen oder kierperlech Ustrengung ze sinn, bei deenen besonnesch vill Aerosollen ausgestouss ginn. Aus dësem Grond gëllen Diskotéiken an Nuetsclibb zum Beispill als Plazen iwwert déi sech de Virus besonnesch staark ausbreede kann, well déi concernéiert Persounen an engem geschlossene Raum danzen, sangen an hart mateneen schwätze fir géint d'Musek unzekommen. Déi rezent Entwécklunge vun den Infektiounen zu Lëtzebuerg, déi zum groussen Deel op Partyen an aner Festivitéiten zeréckzeféiere sinn, stëtzen dës Erkenntnisser. An der Internationaler Fuerschung besteet e Konsens, datt d'Schoulen net zu deene Plaze gehéieren, iwwer déi de Virus sech besonnesch staark an der Gesellschaft verbreede kann.

An Éisträich huet d'Agentur für Gesundheit und Ernährungssicherheit (AGES) de Verlaf vum COVID-19 genee retracéiert an ass zur Konklusioun komm, datt d'Schoule kee relevante Rôle bei der Aubreedung vum Virus spillen *(2)*. Bei deenen insgesamt 546 Clusteren, déi an Éisterräich identifizéiert konnte ginn, hunn nëmme 5 Schoulen dozou gehéiert (0,9 %). Bei der Unzuel vun Infizéierte waren et der nëmmen 46 vun insgesamt 6.694 Clusterfäll (0,7 %). Déi hollännesch RIVM kënnt zu dem selwechte Resultat *(3)*. An Holland gouf et bis haut kee Fall an enger Schoul, wou gréisser Unzuele vun Schüler oder Enseignantë sech infizéiert hätten. Zu deene selwechte Conclusioune kommen d'Autoritéiten an Australien, Irland a Groussbritannien.

D'Situatioun zu Lëtzebuerg ass déi selwecht wéi am Ausland. Bis haut konnt keng Infizéierung vun engem Enseignant an enger Schoul festgestallt ginn. Wat d'Schüler ubelaangt, gëtt et een eenzege Verdachtsfall, wou sech méi Schüler bannent enger Klass ugestach kéinten hunn. An deenen iwwer 20 Fäll, ass iwwert de "Contact Tracing" de gesamten direkten Environnement an der Schoul an der Maison relais getest ginn. Nëmmen an engem eenzege Fall konnt aktuell net ausgeschloss ginn, datt eng weider Persoun infizéiert ginn ass, dëst bei enger Gesamtzuel vun iwwer 100.000 Schüler am Enseignement fondamental an dem Enseignement secondaire.

Bis op dëse Fall hunn d'Infizéierunge vun de Schüler ausserhalb vun der Schoul stattfonnt, an der Reegel an der Famill, an déi concernéiert Schüler hunn an der Schoul keng weider Persounen ugestach. Och dëst deckt sech mat internationale wëssenschaftlechen Erkenntnisser. Eng Etude aus Irland huet de Fall vun 3 positive Schüler an 3 positiven Erwuessenen analyséiert, déi innerhalb vun der Schoul en

enken Kontakt hate mat 924 Schüler an 101 Erwuessenen *(4)*. Kee vun hinne war duerno positiv. Dat selwecht gëllt fir eng franséisch Etude, déi de Fall vun engem positive Schüler retracéiert huet, deen 172 identifizéiert Kontakter hat, vun deenen och keen anere Schüler sech ugestach huet *(5)*.

Och wann et ëmmer nees zu Infizéierungen tëscht Kanner a Jugendleche komme kann, esou sinn se dach net d'Reegel. Kanner ginn an der Reegel manner oft infizéiert, si entwéckele manner staark Symptomer a sinn och manner ustiechend *(6)*. An 9 vun 10 Fäll ginn d'Kanner vun engem Erwuessenen ugestach, esou d'Erkenntnisser aus der Lëtzebuerger Kannerklinik *(7)*.

Déi honorabel Deputéiert renseignéiert sech doriwwer eraus iwwert d'Modelliséierung, déi der Decisioun, fir d'A- a B-Gruppen nees zesummenzeleeën, virausgaangen ass. Dës Modelliséierung huet d'Effekter vum Zesummeléen vun de Gruppen souwuel mat wéi och ouni "Social Distancing" duergestallt. Wat hei eventuell zur Confusioun féiert, ass de Begrëff vum "Social Distancing". Ech wëll déi honorabel Deputéiert doriwwer informéieren, datt dëse Begrëff all Moossnamen ëmfaasst, déi derzou bäidroen datt d'Kontakter tëschent de Schüler limitéiert gin an de Mindestofstand vun 2 m am Klassesall dofir nëmmen een Element vum "Social Distancing" ënnert aneren ass, deen an de Schoule bis elo appliziéiert ginn ass. Mindestens genau esou wichteg ass d'Agrenze vun de soziale Kontakter iwwert de Prinzip vun der sougenannter "Bulle de contact" sou wéi en och an der Belsch oder an Nordrhein-Westfalen an de Schoulen appliziéiert gëtt.

Ët geet dorëm, och wann wéi gesot d'Schoulen kee relevante Rôle bei der Aubreedung vum Virus spillen, d'Unzuel vun de soziale Kontakter ënnert de Schüler esou geréng ewéi méiglech ze halen. Dëst erreeche mir doduerch, datt mer e feste Klassegrupp halen, Plazen, op deenen d'Schüler aus ënnerschiddleche Klassen sech begéinen (Kantinnen, etc.) zou loossen, an d'Fluxe bannent de Schoulen esou organiséieren, datt esou mann ewéi méiglech Schüler sech kräizen. Doriwwer eraus gëllt nach ëmmer eng staark Recommandatioun, fir en Mundschutz ze droen um Wee fir an d'Schoul an och an der Enceinte vun der Schoul bis an de Klassesall. Am Klassesall ass d'Droe vun engem Mundschutz fakultativ. Aus dësem Grond baséiert déi aktuell Schoulpolitik a Bezuch op de Covid-19 och weiderhin op enger Strategie vum "Social Distancing".


*(1)* https://www.medrxiv.org/content/10.1101/2020.05.21.20104521v1
https://wellcomeopenresearch.org/articles/5-67/v1
*(2)* https://www.ages.at/service/service-presse/pressemeldungen/epidemiologische-abklaerung-am-beispiel-covid-19/
*(3)* https://www.rivm.nl/en/novel-coronavirus-covid-19/children-and-covid-19
*(4)* https://static.rasset.ie/documents/news/2020/05/eurosurv-25-21-1.pdf
*(5)* https://academic.oup.com/cid/article/doi/10.1093/cid/ciaa424/5819060
*(6)* https://storage.fnr.lu/index.php/s/fq9VjDEViui4LJn/download
*(7)* http://www.men.public.lu/catalogue-publications/themes-transversaux/covid-19/fondamental/infektionen-kindern.pdf